N°1732
Entrée le 30.01.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse commune de Monsieur le ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, et de Monsieur le Premier ministre, Luc Frieden, à la question parlementaire n°1732 du 7 janvier 2025 de Monsieur le député Sven Clement au sujet des négociations entre le gouvernement italien et Space X**

D'Regierung bedeelegt sech net u Spekulatiounen iwwert lafend Verhandlungen tëschent der italieenescher Regierung a SpaceX, iwwert déi keng Detailer ëffentlech sinn an iwwert déi et och keng bilateral Kontakter gouf. Dëst gëllt och fir en eventuellen Impakt vun deene Verhandlungen op de Projet IRIS2.

D'Lëtzebuerger Regierung ënnerstëtzt de Projet IRIS2 aktiv, si huet sech mat Erfolleg dofir agesat, datt ee vun de Kontrollzentere géing op nationalem Territoire installéiert ginn.

IRIS2 ass en ambitiéise Projet vun der Europäescher Unioun fir eng héich securiséiert europäesch Satellitekommunikatiounsinfrastrukur zur Verfügung ze stellen. De Projet huet als Zil d'Ënnerstëtze vun der digitaler Souveränitéit, vun der Resilienz vun de kriteschen Infrastrukturen an eng global Couverture fir déi institutionell, gouvernemental a kommerziell Besoinen.

D'Lëtzebuerger Regierung setzt sech an hire Kontakter um europäeschen an internationalen Niveau dofir an, datt de Projet IRIS2, dee vun der europäescher Kommissioun geleet gëtt, e Succès gëtt.

D'LSA (Luxembourg Space Agency) huet bilateral Relatioune mat des ASI (Agenzia Spaziale Italiana) a Sujeten déi fir eng Zesummenaarbecht identifizéiert gi si sinn Exploratioun a Ressourcë vum Weltraum grad ewéi Weltraumpolitik a -reglementatioun.

Luxembourg, le 29/01/2025

Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme,

(s.) Lex Delles